



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg



Luxembourg, le 23 juillet 2019

Concerne: Question parlementaire n° 895 du 12 juillet 2019 de Monsieur le Député Sven Clement.
Réf. : 82dx2aca7

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse du soussigné à la question parlementaire n° 895 du 12 juillet 2019 de Monsieur le Député Sven Clement concernant la "Rupture de stock du cannabis médical".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



Étienne SCHNEIDER
Ministre de la Santé



Äntwert vum Här Etienne SCHNEIDER, Gesondheetsminister, op d'parlamentaresch Fro n° 895 vum 12. Juli 2019 vum Här Deputéierten Sven Clement.

D'Direktioun vun der Santé huet effektiv eng Rekommandatioun un d'Dokteren eraus ginn, fir kuerzzäiteg déi Patienten, déi schonn en Traitement mat medezineschem Cannabis ugefaang hunn an dorop och gutt reagéieren, ze prioriséieren. Doduerch soll verhënnert ginn, dass dës Patienten hiren Traitement eventuell ongewollt missten ënnerbriechen. Donieft gouf rekommandéiert, deenen Patienten, déi op den Dag vum 9. Juli 2019 nach keen Traitement mat medezineschem Cannabis ugefaang hunn, einstweilen keen medezineschen Cannabis ze verschreiwen, bis dass de Stock sech erëm normaliséiert huet.

Dës Informatiounen kruten all d'Dokteren, déi autoriséiert sinn fir medezinesche Cannabis ze verschreiwen, grad ewéi d'Spidolsaptikten, den 9. Juli 2019 matgedeelt.

De Grond vun dëser Rekommandatioun läit an engem zäitweiligen Liwwerenkpass, deen duerch folgend Ëmstänn bedéngt ass:

Vu datt d'Gesetz iwwert de Cannabis fir de medezinesche Gebrauch eréischt zënter kuerzem hei zu Lëtzebuerg agefouert gouf, konnten d'Estimatiounen iwwert di méiglech Zuel vu Patienten, déi vun dëser Behandlung géife Gebrauch maachen an iwwert d'Quantitéit vun Cannabisbléihen (*sommités fleuries*) déi an der Moyenne pro Patient konsumméiert ginn, net op historeschen Donnéeën foussen.

D'Estimatiounen goufen deemno op Grond vun den Donnéeën déi an eisen Nopeschlänner (virun allem an Däitschland) dokumentéiert goufen, extrapoléiert. Dobäi gouf och considéiert, dass hei zu Lëtzebuerg d'Consummatioun kéint méi héich sinn, esou dass vun Ufank un, fir d'Budgétiséierung an de Volume vum Approvisionnement vu medezineschem Cannabis hei am Land, d'Extrapolatioun méi héich ugesat ginn ass.

Allerdéngs goufen och dës méi héich Estimatiounen dépasséiert, esouwuel wat d'Zuel vun de Patienten ubelaangt, wéi och d'Duerchschnitts-Dosis vun Cannabisbléihen pro Patient.

Eng Analyse vun de Verschreiwung vu medezineschem Cannabis, déi duerchgefouert gouf, fir ze verstoen, firwat mir dësen Dépassement hunn, weist, dass et engersäits grouss Ënnerscheeder gëtt tëscht de Verschreiwungen pro Dokter, an anerersäits, eng grouss Diversitéit vu Krankheeten, déi eng Verschreiwung motivéieren.



Den Ministère rappeléiert, dass d'Indikatiounen fir medezinesche Cannabis folgend sinn:

- schwéier Krankheeten an engem fortgeschrittenen Stadium oder am Ennstadium, begleet duerch chronesch Péng;
- Kriibskrankheeten déi mat enger Chimiotherapie behandelt ginn, déi lwwelzegheet an Erbrechen mat sech bréngt;
- Multiple Sklerose mat enger symptomatescher muskulärer Spasticitéit.

Dës Indikatiounen sinn och am Groussherzogleche Règlement vum 21. August 2018, deem duerch de Règlement vum 10. Oktober 2018 modifiéiert gouf, définéiert. Dësen Text leet d'Verschreibungsmodalitéiten fir Cannabis zu medezineschen Zwecker an den Accès dozou, fest.

Dozou kënnt, dass Cannabis zu de Rauschgiftmëttel zielt, wat mat sech bréngt, dass de Gesondheitsministère Importatiouns-Quotaen muss respektéieren, déi vun den internationalen Kontrollautoritéiten vu Stupéfiante predéfinéiert sinn. Déi bestallten Quantitéiten kënnen deemno net vun engem Dag op deem aneren an d'Luucht gesat ginn. D'Santé schafft awer drun fir hei esou séier wéi méiglech Léisungen ze fannen an den nationalen Stock op engem adäquaten Niveau z'assurieren, fir esou all Demande geméiss den Dispositiounen vum RGG gerecht ze ginn.

Zënter Februar a bis den 15. Juli, goufen 21 kg Cannabis-Bléien verschriwwen;

Zënter Februar a bis den 30. Juni, kruten 270 Patienten eng éischt Behandlung mat medezineschem Cannabis.

Et ginn Alternativen zu medezineschem Cannabis. Fir jiddereng vun den dräi Indikatiounen kann den Dokter op eng ganz Rei vun Medikamenter zréckgräifen, déi sech ebenfalls als wierksam avéréiert hunn.

Fir Liwwerenkpass ze evitéieren gëtt momentan duerch en Appel d'offre en Fournisseur fir den Rescht vun der Pilotphase (31. Dezember 2020) festgeluecht. An deem Kader ginn regelméisseg Liwwerungen virgesinn fir den Approvisionnement ze garantéieren.